N°2061
Entrée le 11.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.03.2025

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

Starlink ass ee Satellitesystem, dat zënter dem Ufank vun der russescher Invasioun fir d'Verdeedegung vun der Ukrain genotzt gëtt an dem Land gehollef huet, fir net digital komplett ofzebriechen. Den Elon Musk, Besëtzer vu Starlink, huet rezent ugedeit, dass ouni de Starlink d'Verdeedegung vun der Ukrain géif zesummebriechen an domadder méi oder manner direkt dem Land gedrooht, fir de Starlink ofzeschalten.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro am Dezember 2024 hat d'Ministesch geschriwwen, dass d'lëtzebuergesch Satellitten vun der SES nach net operationell wiere fir een Asaz an der Ukrain. A Kommissiounssitzungen hat d'Ministesch och erkläert, dass d'Satellitekapassitéiten och fir d'Ukrain kéinte genotzt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Ass den neie lëtzebuergesche NEO SES Satellit schonn am Asaz a wieren, am Fall vun enger Ofschaltung vu Starlink, Kapassitéiten fräi, fir d'Ukrain mat Satellitekommunikatioun z'ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten